RELAIS POUR LA VIE

FONDATION LUXEMBOURGEOISE CONTRE LE CANCER

CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2010

TÉMOIGNAGE DE FRÄNZ

Ech sinn de Fränz. Ech hat selwer Kriibs am Joer 2001. Deemols war ech 43 Joer al. Ech hunn alles matgemeet wat e Kriibspatient matmécht. Et waart een op d'Resultat. Dat ass schonns net einfach. Et ass awer och net einfach ze héieren, datt ee Kriibs huet. Bei mär war nach besonnesch speziell, dass ech als ee vu wéinege Männer Broschtkriibs hat. Da kritt een nei Hoffnung, wann een héiert mat Operatioun an Traitement kéint een et packen. An ëmmer erëm komme Momenter, wou een niddergeschloen ass, wou een d'Flemm huet. Ech hu wuel ni opgehale mat schaffen, och dat huet mer Courage ginn. Op der anerer Säit hat ech no der Radiothérapie en echten "burnout", an nëmme well virun allem meng Fra drop gedrängt huet datt ech soll an d'Kur goen, konnt ech mech Gott sei Dank eng Partie Wochen erhuelen. An nodeems ech souguer wollt mat der Politik ophalen, hat ech erëm neie Mutt.

E besonnesche Problem ass deen, wéi geet ee mat de Leit ronderëm sech ëm. Vill Schwieregkeeten hat ech eleng, eise Kanner, deemols 13 an 11 Joer, ze soen, dass ech Kriibs hat. Fir eise Jéngste war et besonnesch schwéier, well e grad am 6. Schouljoer huet missen an de franséische Vokabele léieren: « le cancer : une maladie très très grave ». An et ass och net einfach wann een am Rampeliicht steet, anere Leit dobaussen seng Krankheet matzedeelen. No villen Diskussiounen hunn ech decidéiert d'Krankheet mam Numm ze nennen, net ze soen ech géif mech zréckzéien, well ech krank wier, mee well ech "Kriibs" hätt. Et ass wichteg de Kriibs mam Numm ze nennen. Wann een de Feind mam Numm nennt, dann huet ee scho manner Angscht virun em.

Haut, 9 Joer duerno, ass et vläicht méi einfach iwwert Kriibs ze schwätzen. Dass ech et sou laang gepackt hunn, huet mat draï Saachen ze dinn:

1) ech hat Chance, datt de Kriibs an engem fréie Stadium, duerch Gléck, entdeckt ginn ass
2) ech hat gutt Doktoren a Gesondheetspersonal, an all zu Lëtzebuerg, och dat ass wichteg ze soen
3) ouni eng gewësse Chance an eng gutt Betreiung geet et net, et ass awer onwahrscheinlech wichteg Selbstvertrauen ze hunn, an dat kritt een duerch Famill a Frënn a Bekannten.

Wann ee Solidaritéit spiert, kritt ee méi Opdriff. Et ass dofir wou ech net ophalen zënter 9 Joer iwwert de Kriibs ze schwätzen. Et ass dofir wou ech och all Joer ëmmer erëm, dëst Joer souguer mat zwou Equippen, eng vu Famill a Frënn an eng vu menger Schaff, dem Justizministär, um Relais pour la Vie matmaachen. Et ass fir mech d'Méiglechkeet un déi Leit déi Kriibs hunn, oder Frënn, Famill a Bekannten hunn, déi Kriibs hunn, déi Solidaritéit erëmzeginn, déi ech erfuer hu virun 9 Joer an déi mär gehollef huet dës Situatioun besser ze meeschteren.